



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6809 vum 9. September 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.

1. D'Verwaltung fir ëffentlechen Transport huet fir d'Rentrée 2022/23 eng zousätzlech Schülerlinn "K45 Tadler – Bourscheid – Buerden – Ettelbruck" agefouert. Des ass moies verbonne mat der bestehender Schülerlinn "K34 Ettelbruck - Diekirch". Esou kënnen d'Schüler vu Buerschent an Ëmgéigend ënner bessere Konditiounen an d'Dikrecher Lycéeë gefouert ginn.
2. De Bus as an deem Sënn net ofgeschaf ginn, ma duerch déi nei Schülerlinn "K45" ersat ginn.
3. Vun der Topographie hier ergëtt et méi Sënn, dass déi nei Schülerlinn "K45" op Buerschent fiert anstatt der Schülerlinn "K19".

Lëtzebuerg, den 27. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch